

A. HEIDERSCHIED UND DIE KIRCHLICHE PRESSE

Wenn man das Thema "Soziale Massenmedien im Bereich der Luxemburger Kirche" behandelt ist es selbstverständlich wichtig, auch die Meinung der L.W.-Redaktion zu hören. In "'Luxemburger Wort'- Elemente einer Analyse" hatte die GAG versucht, im 3. Kapitel an Hand von Hd.-Leitartikeln u.ä. das Selbstverständnis des "Luxemburger Worts" darzustellen. Auf der 12. Synodalversammlung am 29.1.1977 lieferte L.W.-Direktor A. Heiderscheid in einer Intervention zu 1.10.1 betreffend die Presse in der A-Vorlage über "Die christliche Botschaft heute verkündigen" einen wichtigen aktuelleren Beitrag zum Verständnis, mit dem L.W.-Redaktion und -Direktion die gesamte Problematik angehen. Wir veröffentlichen hier den (nur leicht gekürzten) Wortlaut der Rede von A. Heiderscheid mit einem kurzen anschliessenden Kommentar.

aus der A-Vorlage der Ko 1: "Die christliche Botschaft heute verkündigen":

1.10.1. Presse

Unsere katholische Tageszeitung, das „Luxemburger Wort“, ist in unserm Land weit verbreitet. Ihr kommt, auch unter dem sonstigen freizügigen Angebot von religiöser und weltanschaulicher Nachricht und Stellungnahme durch die vielerlei Medien, eine große Bedeutung zu.

Dazu einige Beobachtungen und Fragen:

- Die Auswahl der religiösen Nachrichten scheint mehr Zufälligkeiten zu folgen als einem klaren Konzept. Die religiöse Tagesneuigkeit verdient nicht dieselbe Wichtigkeit wie das ernste religiöse Problem, dem eine längere Besprechung zukäme.
- Wichtiger als die Frage nach der Quantität der religiösen Berichterstattung und Stellungnahme ist die Sorge um ihr Ankommen, ihren Impakt. Visiert die religiöse Nachricht, ihre Problematik und ihr Kommentar genügend den einfachen Leser?
- Eine Zeitung spiegelt die Vielfalt des Lebens wider. Wer bestimmt und verantwortet ihre

Gesamtlinie in den Angelegenheiten von Glaube und Kirche?

- Die katholische Tageszeitung wird von ungläubigen und der Kirche fernstehenden Menschen gelesen. Wird die Möglichkeit zu einem Dialog mit ihnen genügend genutzt?

An weiteren Organen, die im Dienst der christlichen Botschaft stehen, fehlt es nicht: es gibt in der Diözese ein religiöses Wochenblatt (Letzeburger Sonndesblad) und eine religiöse Monatszeitschrift (Heimat und Mission), Verbandsblätter, Verbindungsbulletins, Pfarrbriefe, usw.

Die finanziellen Schwierigkeiten, mit denen jede Druckschrift es zu tun hat, die nicht von vornherein auf Geschäft angelegt ist, sind wohl bekannt. Hauptsorge aber ist: Werden die Blätter gelesen? Fordern deshalb religiöse Blätter, die ansprechen und in der Entwicklung Schritt mithalten wollen, für ihre Aufmachung, für inhaltliche und formale Gestaltung nicht mehr Planung, mehr Fachkräfte, mehr Mittel?

Die Erneuerung des „Sonndesblad“ wäre überzeugend weiterzuführen.

"Dir Dammen an dir Hären! 'T as selbstverständlech, mengen ech, dass am Kontext vun dësem Dokument och d'Fro no der Press gestallt gët. Mä ech mengen, an deenen Détailler wi se hei zum Ausdrock kommen am Punkt 1.10.1 sin dach Saachen, di eeh an där Form perséinlech nët kënt unhuelen a wëinst deenen ech d'Kommissioun gëng bieden verschidde Punkten z'iwerdenken.

Fir mëng Konklusiounen un d'Spëtzt ze stellen: komplett averstan sin ech mat dem Passus: "Unsere katholische Tageszeitung (...) eine grosse Bedeutung zu." (cf. Kasten oben) Do kënt nach e Saz derbäikommen, dass ee sech sollt iwerleën - well alles erëm a Fro gestallt gët, soll a muss gin vun Zäit zu Zäit -, wëi wäit dëi kathoulesch Dageszeitung nach mëi verbessert an anescht soll gin a wat och Heies

kënnt eragestallt gin am Dëngscht vun deem Stroum, deen dat Dokument hei beaflosst. Ech mengen domatt misst jiddereen d'accord sin an domatt sin ech och d'accord, grad wi mat der Empfehlung 3.4.2.: "Die SV empfiehlt ferner ... die Übernahme dieses Anliegens ... durch ein ... Team, so dass es die gesamte Linie in den Angelegenheiten von Glaube und Kirche verantwortet und bestimmt." (...)

Ech gëng dann och grondsätzlech, ir ech emol op Détailler agin, opmierksam man, dass d'Dagespress hei ugesprach as, an dass d'Dagespress eng speziell Stellung anhëllt ënnert deem wat mer allgemeng "Press" nennen, an dass et nët ugeet, se einfach mat engem Priedegtstull ze vergläichen, se einfach als en Instrument vun der Verkënnegung unzegesin. Hir Missioun, och um kathoulesche Plang, as dach vill méi nüancéiert. D'Dagespress huet eng Eegegesetzlechkeet, dir Dammen an Hären, di mer nët kennen iwersin! An ech mengen, et kënnt nët drop un, wat hei oofgestëmmt gët: Mir kënnten hei 27 mol am Dag oofstëmmen d'Baach soll de Bierg op lafen, da gëng s'et nach nët maachen. A wann ech son, d'Dagespress huet eng Eegegesetzlechkeet..., je nodeem wat mer hei beschléissen, mat absoluter Majoritéit, dat gëng héchstens derzou féiren, je nodeem, dass di Dagespress kapott geet, well hir eege Gesetzlechkeet nët respektéiert gët. Do gëng ech jiddefalls dervir warnen.

Ech mengen di Uleies si sécher berechtigt - Verkënnegung, Pastoral, Evangelisatioun a wéi och ëmmer mer et nennen -. Mä loosse mer emol kucken an d'Welt vum 19. Jorhonnert eran, wou un allen Ennen där kathoulescher Dageszeitungen gegrënnt goufen, a loosse mer haut nach zielen, wéivill der nach do sin. An ee vun den Hauptgrënn, firwat se agaange sin, wor, well tatsächlech d'Press, d'Dagespress nët an hirer Eegegesetzlechkeet respektéiert gouf. An Däitschland do as haut keng eng méi, wann ech vun enger oofgesin di onscheinbar as, keng eng eigentlech Dageszeitung méi! Zweetens kënnt derbäi, dass esougur un di Press, déi mer Kierchepress nennen, wéi se beispillsweis an Däitschland haut besteet, bei enger läschter "Feldbefragung" vun de kathoulesche Lieser un di Bistumszeitungen am strikteste Sënn vum Wuert, wat also keng Dageszeitunge sin, Uleies gestallt gin, déi un éischter Plaz - ech hun hei déi éischt graff Opschlësselung matbruecht - nët verlaangen informéiert ze gin, iwert dat wat e Paschtouer gären hätt oder e Kaploun oder d'Kierch oder e Bëschof oder d'Bistum, mä "Entscheidungen der Bundesregierung, 2. politische Entwicklung in der Bundesrepublik, 3. Versorgung im Krankheitsfall, 4. soziale Probleme der Bundesrepublik, 5. weltpolitische Ereignisse, 6. Fragen der sicheren Altersversorgung" an esou kënne mer weiderfueren bis ganz zum Schluss, da kommen déi eigentlech Uleies vu Kierch a Pastoral an Evangelisierung. Déi Däitsch huelen dat do ganz eescht, well se sech säit laangem froen, u wat et läit, dass hir Press esou zrëckgeet. Dat trifft a fortiori zou fir all Dageszeitung, wi ech gesot hun. An der Belsch gët et eng eenzeg, déi 150 Joer huet; zu Lëtzebuerg si mir et; an Éisträich as keng eng méi; an Däitschland as eng eenzeg, eng ganz kleng, onscheinbar. Also déi Eegegesetzlechkeet, déi wär w.e.g. ze respektéieren, soss maache mer futti wat mer hun, a mer hu nach nët dat Ziel erreecht, wat mer erreeche sollten. (...)

Da kommen an der Vierlag e puer Bemierkungen a Froen, wou ech de Sënn nët agesin, firwat dat an engem offiziellen Dokument vun der Kierch, vun der Synod vu Lëtzebuerg soll stoen - d'autant plus, wou ech dat eent oder anert, ech erlabe mer dat ze soen, desobligeant fannen. Et gesäit bal esou aus, wi wa wahllos dat, wat an enger bestëmmter Diskussioun een Owend vierbruecht gin as, festgehal gouf an och gedréckt gouf an esou ënnert d'Leit geet. (...) Ech gin awer gär op déi eenzel Froen an.

"Die Auswahl der religiösen Nachrichten" - also 't geet ëmmer nach ëm d'"Wort", also eng Dageszeitung - "die Auswahl der religiösen Nachrichten scheint mehr Zufälligkeiten zu folgen als einem klaren Konzept. Die religiöse Tagesneuigkeit verdient nicht dieselbe Wichtigkeit wie das ernste religiöse Problem, dem eine längere Besprechung zukäme." - "... scheint mehr Zufälligkeiten zu folgen als einem klaren Konzept ..." : Ech mengen dat as evident! D'Événement priméiert an der Dagespress, soss si me/schon aus onser Eegegesetzlechkeet eraus. Mir schwetzen einfach nët diselwecht Sprooch. Do si Leit derhannert, di do Saache verlaangen an di eng Viirstellung vun enger Zeitung hun, di nët Dageszeitung as, di beschtefalls

eng Dageszeitung kapott kënne man, wann se dat do gëngen duerchsetzen. Also, e Votum vun der Synod ännert do näischt. Wat as derhannert? Derhannert as d'Evénement. Mir wëssen haut nët, wat d'Zeitung vun e Méindeg as. Do musse mer mol kucken, wat geschitt as bis dohinner. Dat bleift och wouer, dass eng Dageszeitung fir d'éischt di religiös oder kierlech Dagesneiegkeet ze bréngen huet. D'"Zufälligkeit" as also d'"Zufälligkeit" vum Evénement. (...) " *Die religiöse Tagesneuigkeit verdient nicht dieselbe Wichtigkeit...*" Pardon, si verdéngt nët am Kader vun der Verkënnegung di selwecht Wichtigkeet, absolut d'accord, mä mir hun haut mat enger Dageszeitung ze din, an d'Kommissioun l riicht sech un eng Dageszeitung, an do verdéngt se déi absolut Prioritéit. Oder mer man eng Zeitung herno fir 5 Leit, di nach un esou Saachen interesséiert sin. (...)

En aneren Deel: " *Wichtiger als die Frage nach der Quantität der religiösen Berichterstattung und Stellungnahme ist die Sorge um ihr Ankommen, ihren Impakt. Visiert die religiöse Nachricht, ihre Problematik und ihr Kommentar genügend den einfachen Leser?*" Dat as sécher där Froen eng, di mer nët nëmmen an onser Redaktiounskonferenz mä selbstverständlech och doriwer eraus vrum eegene Gewëssen an an engem Gremium, deen dozou bestëmmt as, sech mat esou Froen auserneenzenesetzen, duerchdiskutéieren an ëmmer erëm nei a Fro stellen, well d'Evénement jo ëmmer nei as. Et gët kee Schema X an dat mer ët erapresse kënnen. An dann... de Gros vun onsen Informatiounen maache mir nët selwer, wann et nët iwer Lëtzebuerg geet. Dee kréie mer vun der KNA wat d'däitscht Gebidd ugeet, vun e puer franséischen Agencen wat och bëscheeflech Agence sin, wann een se esou ka nennen, vun der Kathpress aus Éisträich, vun der Kipa an der Schwäiz, déi alleguerten national kath.-Agence sin. Wann déi Sprooch ze schwéier as, ech huelen dat gären zur Kenntnis, wann s'also nët ukënnt, da kënnt se natierlech am ganzen däitsche Sproochraum nët un. Et kann een och froen, op de Magnificat ukënnt oder nët, mä dat as eng Fro déi absolut ze diskutéieren as. Mä 't kann een awer nët s'an de Raum stellen, wi wann Lëtzebuerg oder d'L.W. elo eng extra Sprooch gëng schwetzen. Et as di Sprooch déi vun all deenen internationalen Agencen ënnert der Verantwortung vun de jeweilige Bëschofskonferenzen, geschriwen an och do ënnert d'Leit bruecht gët.

Dann: " *Eine Zeitung spiegelt die Vielfalt des Lebens wider. Wer bestimmt und verantwortet ihre Gesamtlinie in den Angelegenheiten von Glaube und Kirche?*" Ech mengen dat do as eng vun deene Froen, déi ech bal als désobligeant ugesin. Wie gär gewosst hätt, wen am L.W. d'Verantwortung dréit, huet dee nach ëmmer fonnt. Fierwat muss dat an engem offiziellen Dokument vun onser Synod stoen? Wou froe mer, wen d'Verantwortung dréit, loosse mer soen, fier de Religiounsunterricht? Ech mengen, da kucke mer an da wësse mer et. Jiddefalls iwerhuelen ech se, ech muss s'iwerhuelen, wann et drop ukënnt. Mä ech mengen de ganzen Iertum läit am éischten Tiert: dass d'Dagesneiegkeet nët därerf priméieren. (...)

Dann: " *Die katholische Tageszeitung wird von ungläubigen und der Kirche fernstehenden Menschen gelesen. Wird die Möglichkeit zu einem Dialog mit ihnen genügend genutzt?*" Selbstverständlech as dat där Froen erëm eng, iwert déi ee muss diskutéieren, iwert déi een och endlos diskutéieren kann, ouni zu engem Enn ze kommen, zu engem pädagogeschen Enn. T'as och do d'Zeitung wäit an hire Méiglechteeten vun Dialog iwerschätzt, besonnesch wann et erëm ëm d'Dageszeitung geet. (...)

Also.. dat doten gehéiert an eng spezial Kommissioun eran, déi sech ausféierlech a kompetent a verantwortungsbewosst mat där Fro auserneesetzt.

UNSER KOMMENTAR

Wenn Energieminister Mart ungezügelt für die Atomenergie eintritt und sich und seinen "neutralen" Experten allein Kompetenz in Energiefragen zuerkennt, wird mit Recht die Gefahr der Technokratie beschworen. Wenn Herr A. Heiderscheid so intensiv auf die Eigengesetzlichkeit der Tagespresse pocht und nach einem "kompetent und verant-

wortungsbewussten" Fachgremium für Pressefragen verlangt, der Synode also jede Kompetenz und jedes Verantwortungsbewusstsein aberkennt, besteht dann nicht auch die Gefahr, dass einige Technokraten sich ihre Macht sichern wollen? (Ganz nebenbei: so offen hatte noch keiner auf der Synodentribüne die Daseinsberechtigung dieses Gremiums bezweifelt.)

Ganz ohne Zweifel hat der LW-Direktor recht, wenn er die Gesetze der Tagespresse in Erinnerung ruft, wenn er etwa das Primat der Neuigkeit betont. Doch ist auf Grund dieser Eigengesetzlichkeit nur eine so farblose kirchliche Berichterstattung und religiöse Reflexion möglich, wie sie im LW zum Ausdruck kommt? Im ersten Halbjahr 1973 machten religiös-pastorale Artikel ganze 10,3% der kirchlich-religiösen Nachrichten aus (vgl. "LW-Elemente einer Analyse", S.35). 38,1% dieser Zeilen stammten von J.P.F.- und wer seinen Stil kennt, versteht was gemeint ist, wenn die Synodenkommission 1 fragt: "Visiert die religiöse Nachricht, ihre Problematik und ihr Kommentar genügend den einfachen Leser? (...) Wird die Möglichkeit zu einem Dialog mit (ungläubigen und der Kirche fernstehenden Menschen) genügend genutzt?" Und vergessen wir nicht, dass laut Synodenumfrage höchstens 29% der Getauften als Gläubige betrachtet werden können! (vgl. "forum" Nr. 14/1977 S.3-6). Im schon zitierten Kapitel über die religiöse Information im LW war die GAG zu folgenden Schlussfolgerungen gekommen:

"Die seelsorglichen Belange erscheinen als Sache der Kleriker. Keine Zeile stammt von Laien.- Die religiös-pastorale Information hängt im luftleeren Raum. Der Gesprächspartner fehlt. Es kommt zu keinem Erfahrungs- oder Meinungsaustausch.- Ein seelsorgliches Konzept oder das Suchen nach einem solchen fehlt. (...) Eine Frage drängt sich auf: Will das LW eine rein informatorische Aufgabe erfüllen oder ist seine Information von einer suchenden pastoralen Besorgnis getragen?" ("LW-Elemente einer Analyse", S.43).

Auch seit J.P.F. nicht mehr sooft zu Wort kommt, scheinen uns diese Feststellungen und Fragen noch ihre Gültigkeit zu besitzen. Sie mit dem Hinweis auf die Eigengesetzlichkeit der Tagespresse vom Tisch zu wischen, zeugt nicht unbedingt für die Fachkenntnis des LW-Direktors, tun sich doch ausländische Zeitungen, die rein gar nichts mit der Kirche zu tun haben (auf sie wies Herr A. Heiderscheid in seiner Synodenintervention leider nicht hin), oft durch hervorragende Kommentare und Meditationen über religiöse Themen hervor, ohne das Primat der Neuigkeit zu vernachlässigen. Dass übrigens ein echtes Bedürfnis nach solchen pastoralen Kommentaren in der Presse besteht, zeigte spätestens die Fernsehsendung vom 16.3.1975 mit dem Bischof von Luxemburg, wo eine Menge von Hörern Fragen stellten, die sie bedrängten und die echte Verkündigungsfragen waren. (vgl. "Bulletin d'information de la Jugendpor Lëtzebuerg, Nr 3/ 29.3.1975). Hervorzuheben ist auch, dass diese Sendung eine "dialogale Verkündigungsform" darstellte, was im L.W. sozusagen nie der Fall ist, obschon Verkündigung immer nur gemeinsames, offenes Gespräch sein kann, nie einseitige Belehrung, so wie auch Jesus seine Zuhörer fragte: "Was haltet ihr davon?" und jeden frei liess in seiner Entscheidung. (vgl. A-Vorlage der Ko 1, 2.4.5). Sowohl was die Wichtigkeit des Dialogs anbelangt als auch den Meinungspluralismus und die Verbindung von Nachricht und Reflexion kann man der Redaktion des L.W. die französische Tageszeitung "La Croix" als Vorbild nur empfehlen.


Die GAG ist jedenfalls überzeugt, dass die Kirche Luxemburgs im L.W. ein hervorragendes Mittel zur Ver-



kündigung und zur Präsenz der Kirche in unserer Welt besitzt, das aber von ihr eingesetzt werden müsste. Denn kaum 25% der Getauften gehen noch sonntags zur Kirche und hören die Predigt, aber fast 100% lesen das L.W. Mit der richtigen Sprache und der nötigen Meinungsvielfalt wäre ganz bestimmt durch das L.W. eine einzigartige Möglichkeit gegeben, der Welt die Frohbotschaft zu verkündigen, auch so dass sie sie versteht und von ihr erfasst wird.

Dazu bräuchte es u.E. allerdings eines eigenen Redakteurs für die theologische Seite. Herr Heiderscheid übernahm zwar missmutig die Verantwortung dafür in seiner Synodenintervention. Doch im am 5.3.1977 im LW abgedruckten Redaktionsteam gibt es "Fachleute" für Innenpolitik, Aussenpolitik, Wirtschaft, Parlament, Kultur, Lokales, Sport, Film und Fernsehen, Schul- und Jugendprobleme, Frauenfragen, Garten und Heim, Reise und Freizeit - aber ein Sachberater für pastorale und theologische Fragen findet sich nicht!

GAG



Lëtzebuerg, den 9. Abrël 1976

Här Bëschof,

Op Grond vun der Entrevue vum 18. März 1976 presentéiert de GAG Iech heimmaden dee gewünschten Themekatalog fir dat geplangten Gespréich mat der Redaktioun vum L.W.:

1) Wellech as d'Positioun vum L.W vis-à-vis vun der Jugendpor a vun onkonventionellen Liewensformen an der Kiirch? Mir hun nämlech d'Impressioun, dass an der Redaktioun vum L.W. falsch Viirstellungen bestin, déi mer gären aus dem Wee raume géifen.

2) No welleche Critèren gin am L.W. d'Grenzen vum Pluralismus (op politeschem a religiësem Plang) gesat? Virwat kann d'L.W. nèt man wéi z.B. "La Croix" an all Meenung zu Wuert komme loossen?

3) Dierf d'L.W. als Kiirchenzeitung sou enk mat enger Partei verbonne sin, wéi et fir de Moment de Fall as? Virwat muss d'L.W. an déi parteipolitesch Polemik agräifen?

4) Wéi gesäit d'Redaktioun vum L.W. hiirt Verhältnis zur Lëtzebuerger Kiirch? Geet dat dur, wat d'L.W. mécht, fir seng Lieserschaft op déi kiirchlech a religiéis Problemer vun der Diözes (och Synod) ze sensibiliséieren?

5) Wellech Konsequenzen denkt d'L.W. aus der "Déclaration pour la journée diocésaine des migrants du 22.2.1976" ze zéien?

Mir hoffen, datt mat dësen Themeviirschlei den Dialog mam L.W. e fruchtbaren Ufank fanne kann a waarden op d'Propositionen vun der Redaktioun.

Här Bëschof, mir soen Iech Merci, dass Dir dësen Dialog vermëttelt a waarden op Är Äntwert.

Mat onse beschte Gréiss

GAG

Dëse Brëif blouf bis haut ouni Resultat. Den Här Bëschof huet ons awer verséichert, datt hien säi Mëiglecht gemaacht huet, fir e Gespréich an de Gank ze bréngen.